



FÉDÉRATION LUXEMBOURGEOISE DE HANDBALL

association sans but lucratif

F.L.H. ■ 3, route d'Arlon, L-8009 STRASSEN



Rapport Referees' Commission – 26.03.2024

Present : Courtois, Frieseisen, Geib, Keiffer F., Keiffer N., Kröpelin, Nesser, Simonelli, Volz

Entschëllegt : Weber, Weinzierl

1) **Adoptioun vum Rapport vum 13.02.2024**

2) **EHF Head of referees' meeting:**

Den 20. Abrëll vertritt de Patrick Simonelli d'FLH zu Wien op der Konferenz vun den Arbittercheffen.

3) **Austausch LUX-AUT:**

Am Kader vum Austausch mat anere Verbänn, kommen de Weekend vum 19. – 21. Abrëll 2 Éisträichesche Arbitter aus hirem Elite-Kader op Lëtzebuerg. Si gi fir follgend Matcher nominéiert :

Freides den 19.04.2024 F-AXA-POTI RedBoys Differdange – Handball Esch

Samschdes den 20.04.2024 F-AXA-POTI HB Dudelange – CHEV Diekirch

Samschdes den 20.04.2024 H-AXA-POTI HB Dudelange – HB Käerjeng

Sonndes den 21.04.2024 H-U21 HB Käerjeng – Handball Esch

D'RefCom seet der RedBoys an dem Handball Esch Merci, dass si akzeptéiert hunn, de F-AXA-POTI Match op Freides ze verleeën.

De selwechte Weekend sinn d'Dame Janics a Keves am éisträichesche Championnat ënnerwee, a päifen do 2 Matcher.

4) **EHF Beobachter Final4:**

D'EHF huet d'Jutta Ehrmann-Wolf op enger anerer Plaz agesat. Op dem FLH Final 4 gëtt hat duerch den Denis Reibel aus Frankräich ersat.

5) **SBO-FLH-FINAL 4:**

Leider huet d'RefCom net genuch Leit disponibel fir den offiziellen Dësch bei de Finalen ze besetzen. Aus dem Grond, muss all Veräi fir d'Coupe Jeunes an d'Coupe FLH e Sekretär/Chronometreur, während dem Match, zur Verfügung stellen. Den SBO gëtt vun der FLH preparéiert an ofgeschloss.

6) **Serpilleros um FLH Final 4**

D'RefCom wësch sech, dass bei de Finale vun der Coupe (jeunes an FLH) och Serpilleros disponibel sinn. Et ass e schlecht Bild, wa mir eis ënnert den A vun engem EHF Delegierten net un d'Reegelen halen, an de Coach oder e Spiller dës Charge iwwerhëlt.



Tél : +352 48 54 74 ■ mail@flh.lu ■ www.flh.lu ■ www.flh-live.lu
BIL LU90 0024 1008 3380 0000





FÉDÉRATION LUXEMBOURGEOISE DE HANDBALL

association sans but lucratif

F.L.H. ■ 3, route d'Arlon, L-8009 STRASSEN



7) **Schreiwes vum Jean Simon:**

Als Äntwert op e Schreiwes vum Jean Simon, den och u verschidde Veräiner gaangen ass, wëll d'RefCom matdeelen, dass si hiert Bescht maachen, fir esou vill wéi méiglech Matcher mat Beobachter ze besetzen. Leider kann d'RefCom hei net op eng Onmass zrëckgräifen. An dem Kontext sief awer bemierkt, dass net nëmmen 3 AXA Häre Matcher ze besetze sinn, mee dass mir och nach e Fraechampionnat hunn, wou d'RefCom och gäre géif Beobachter op d'Matcher schécken.

D'RefCom wëll de Membere vum Corps arbitrale matdeelen, dass si sensibel Informatiounen net solle mat net-aktive Memberen diskutéieren, an intern Informatiounen och sollen intern halen. Aner Leit an hire falsche Meenungen ze ënnerstëtzen ass een „No-GO“ a Memberen déi sech net drun hale, wäerten an nächster Zeit net méi agesat ginn.

8) **Jeunes Arbitres:**

E „jeune arbitre“ vun Esch ass voll motivéiert fir Arbitter ze ginn, an huet sech bei der RefCom ëmfrot. D'Refcom huet Kontakt mat him opgeholl, sou dass hie schonn, ab der nächster Besetzung, op offiziell Matcher agesat gëtt.

An dem Kontext wëll d'RefCom de Veräiner Bescheed soen, dass si engagéiert „jeunes arbitres“ gäre mellen däerfen (refcom@flh.lu), och wann déi nach net de Mindestalter fir den offizielle Cours erreecht hunn. De Corps arbitrale ass frou iwwert all Nowuess.

9) **Sanktionéiert Arbitter:**

Eng Arbitterkoppel gëtt wéinst „inakzeptabelt“ Behuelen am Mount Abrëll net agesat.

Weider 4 Arbitter gi vun der Lëscht gestrach, well si trotz vill Rappelle keng Informatiounen erageschéckt hunn. Déi betrafte Veräiner sinn informéiert.

10) **Kontroll SBO nom Match:**

D'Refcom wëll d'Arbitter nach eng Kéier drop opmierksam maachen, den SBO virum an nom Match méi gewëssenhaft ze kontrolléieren a wann néideg ze verbesseren. Dëst ass extrem wichteg, zemools wat Disqualifikatiounen ugeet. No enger 3. Zäitstrof muss HHHD um SBO stoen, an net nëmmen HDD.

11) **Prag Handball Cup**

Sechs vun eise jonken Arbitter ware vum 28. Mäerz bis den 2. Abrëll 2024 um groussen Handballturnéier zu Prag. Ënnert der Leedung vun engem Tuteur/Delegué konnten si wäertvoll Erfarunge sammelen.

Den Tomi Dilber an de Luca Stock goufen de leschten Dag fir eng Final nominéiert.

12) **Cours SBO**

D'RefCom organiséiert nach virum Enn vun der Saison een SBO-Cours, an zwar:

Donneschdes den 18. Abrëll 2024 um 19h00 zu Stroossen an der Maison des Sports (3, route d'Arlon L-8099 Strassen) – Salle 4.



Tél : +352 48 54 74 ■ mail@flh.lu ■ www.flh.lu ■ www.flh-live.lu
BIL LU90 0024 1008 3380 0000





FÉDÉRATION LUXEMBOURGEOISE DE HANDBALL

association sans but lucratif

F.L.H. ■ 3, route d'Arlon, L-8009 STRASSEN



13) **Serpilleros**

Mir wëllen nach eng Kéier op den Artikel 43 vum Code du Handball opmierksam maachen. Bei AXA Männer Matcher sinn 2, a bei de Fraematcher minimum 1 Serpillero obligatoresch.

D'RefCom freet d'Arbitter hei besser drop opzepassen, an am Fall wou dëst net respektéiert gëtt, déi néideg „fiche technique“ eranzeschécken. (<https://www.flh.lu/arbitrage/fiches-techniques>)

14) **Interventioun vum Delegué um Match HB Dudelange – RedBoys:**

Wéinst diversen Diskussiounen iwwert d'Interventioun vum Delegué um Match HB Dudelange-RedBoys vum 23. Mäerz 2024, deelt d'RefCom mat, dass dëst absolut richtig a reegelkonform war, fir e méigleche Protestgrond ze verhënneren.

Nächst RefCom: Dënschdes de 23. Abrëll 2024 um 18h30 zu Stroossen.



Tél : +352 48 54 74 ■ mail@flh.lu ■ www.flh.lu ■ www.flh-live.lu
BIL LU90 0024 1008 3380 0000

